N°5192
Reçue le 08.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 08.11.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. November 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch an un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Zanter séllege Jore gëtt vum Contournement ronderëm d'Gemeng Hesper geschwat. Am Joer 2008 gouf dës Strooss an de PST (Plan sectoriel Transport) ageschriwwen. Déi nei N3 ass integrale Bestanddeel vum MoDu-Konzept, dat am Joer 2012 presentéiert ginn ass. Am Fréijoer 2017 war eng Presentatioun vun enger Rëtsch vu Varianten zu Réiser, déi do de Gemengeréit vu Réiser a vun Hesper virgestallt goufen. De Gemengeresponsabelen gouf deemools zougesot, datt d'Consultation publique Enn 2017 sollt ofgehale ginn. Zanterhier ass ëmmer nees vun neie Varianten Rieds gaang.

Den 1. Juli vun dësem Joer huet den zoustännege Mobilitéitsminister déi lescht Varianten vun dëser Strooss opgezeechent – mam Verspriechen, datt déi definitiv Consultatioun am Hierscht vum Joer 2021 soll sinn. De Visiteure vun dëser Presentatioun gouf zougesot, datt den Avis vum Ëmweltministère innerhalb vun dräi Méint géif virleien.

Mir sinn elo praktesch um Enn vun dësem Joer ukomm, an den Avis läit nach ëmmer net vir. An dësem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch an un den Här Mobilitéitsminister stellen :

- Kann déi zoustänneg Ëmweltministesch mir soen, fir wéini mat dësem Avis ze rechnen ass?
- Kann den zoustännegen Mobilitéitsminister mir soen, wéini d'Consultation publique soll sinn?
- Wéini kann de Regierungsrot mat enger definitiver Decisioun iwwert den Tracé saiséiert ginn?
- Wéini gëtt d'Finanzéierungsgesetz deposéiert?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies

Deputéierten